

Tirolititi

Numm vum Camp : Tirolititi Gruppencamp

Campplaatz : iwwerhalb vun St.Michael/Eppan,Südtirol,Italien

Gruppen : Avex, Carapio, Raro, Albatross

Campchef: Pascal Theis

Souscampchef: Nina Dentzer

Campdauer: 21.07-01.08

Unzuel vun Leit: 44

Mir sinn Dënschten mam bus um 23 Auer fortgefuer an mir hun eis all op déi 10 Deeg gefreet. Obwuel mir déi Nuecht net vill Schloof kruten ware mir den nächsten Daag top fit vir alles opzeriichten.

Mir hunn Mëttwoch d' Zelter opgeriicht an lauter Konstruktiounen gebaut wie z.B. ee Recyclingstand an een Donnerbalken (eng improvisiert Toilette). D'Campplaatz war immens grouss an se loung 880m heich, et gouf eng Kichen an ee Préo, wou mir all dran giess hunn. Vir den Daag gutt oofzeschléissen hunn d'Chefen eis eng cool Eröffnungsfeier organiséiert.

Donneschten moies sinn mer dann all zesummen bei d'Eislöcher getréppelt, ab mëttes hun mer an den Patrullen een flotten Rallye mat Froen an Fotoen an der Staat St. Michel gemaach. Den Owend wou et ugefaangen huet daichter ze ginn sinn mer op eng Wiss gaangen déi vun engem Besch emzingelt war. Do sinn mer beim Nuetspill a Gruppen ronderem geschlach an hun probéiert eist Lager ze verteidegen währenddems mer denen aner hiert beklaut hunn.

Freiden hun mer op der Olympiad patrulleweis lauter sportlesch witzeg a heinandsdo och naass Spiller gespillt. Den Owend huet all Partull sech eng Wett iwwerluecht déi se den Owend drop op engem Wettowend ausféire geifen.

Samsten hun mer eis eischt Actionaktivitéit gema. D'Avex waren Raften an d'Carapio hunn Canyonning gema. No deser Aventure hun mer den

Wettowend veranstalt wou jiddereen patrulleweis d'Chance hat déi verecktesten an witzegsten Wetten ze gewannen.

Dodeems d'Raro sech e Sonnden op den Hike gemaan hun, huet de Recht sech un flotten Aktivitéiten amuseiert: mir hatten zwou Survivalhütten, e Riesenjenga, e Gaskocher an e Fläschenxylophon gebaut.

Meinden hun och d'Carapio an d'Avex dru gleewe müssen an hunn en 2 däglechen Hike mat Iwwernuechtung an enger Bierghütt gemaach. D' Vue war onglaublich schéin a mam Wieder haate mer och Chance.

Dennschten, wor och fir d'Chefen d'Fortsetzung vum Hike net ganz einfach. Wéi mer ukoumen, wore mer all schéi stolz op déi 23 km mat 2000 m Heischennerscheed déi mer bewällegt haaten. Als Erennerung un den Hike ass ons en decke Muskelkater bliwwen.

Mëttwoch, als Entspannung vum Hike si mer op d'Montiggler Seen gefuer an haaten do eise Spass. Ausserdem hunn mer do eng Waasserschläng gesinn. Nodeems mer eis gegensaiteg an d'Waasser geworf hunn an op déi aaner Sait vum Séi geschwomme sinn.

Donneschten moies hun mer eng flott Visite Guidée zu Bozen gemaan de Metten duerch Fraizait an Schoppen genoss. Ausserdeem gouf deen owend d' Engagementsfeier mat oofschleissender Schokolasfondue a Musek gemaan.

Freiden frei moies hun mir eis dann op de Wee gemaan fir eis zweet an lescht Actionaktivitéit: Ziplining. An drei Gruppen sin mir dann oofwisslend op eng drei km laang Seelbunn gaangen (dei längsten an Europa). Zum Oofschloss haate mir dann d' Oofschlossfeier gefeiert.

Samsten hun mer dann alles oofgeriicht an agepaak. Dann koum et wei et och op all Camp kennt, leider war och dese Camp vill ze schnell eriwwer.

Astrid Brandon

Philippe Harpes

Sarah Heyart